Biwer, den 15.12.99.

Här Weirich!

Dir huet gester owend an der Television iwer d'Naziaffer an hier Entschiedigungen geschwat. Mei Mann Adolphe Behrnit vu Biwer, (schon dreizeng Joer do't.) huet als einzeg Entschiedegong e puer dausend Frang fir seng Kleder kritt. Ech hunn als Wittfra eng Hongerrent kritt (22000,- frs. et ass lo zwar opgebessert ginn mais bum Dommage de guerre kê franc.

Mei Mann ass de 7 Oktober 42 matt denen éschten agezuoen ginn, wé e sollt entloss ginn, huet hien Diphterie kritt an huet e puer Wochen am Lazarett gelé; gof duerno an d'Wehrmacht agezunn. No engem Urlaub ass hien nett mé hannescht gangen, mais hien war bei der Famille Steffes zu Merbert verstoppt. Do huet hien eng Herzattack gemâch, wé op emol e Mann an deitscher Uniform viru hien gestânen huet. (Et war awer de Jong aus dem Haus.) Hien war de Jahren duerno super nervös an hien ass och matt enger Herzattack gestuerwen.

Nun, Här Weirich, meng Frô.

Firwât ginn de eng Enrolés entschiedegt a kr'en all Mo'nt eng zo'sätzlech Rent an de aner nett.?

Dir nennt Iech dach Kameroden.

Firwât gett nett per Gesetz Ên wei ~~wei~~ wé den aneren behandelt?

Ech sinn als Wittfrâ op den Bureau vum Dommage de guerre frôen gängen. Ech krut als Äntwert:

Wann Ère Mann keng Entschiedigong kritt huet, da kôint Dir och keng kr'en.

Ganz einfach, nett Här Weirich.

trotzdem, matt denen beschten Gréss Maria Schmit-Hoffmann
79 rue Principale
L-6833 BIWER

**Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force** a.s.b.l.

REPRÉSENTANT: L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DÉPORTÉS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS – L'AMICALE DES ANCIENS DE TAMBOW – L'ASSOCIATION DES ENRÔLÉS DE FORCE VICTIMES DU NAZISME – L'ASSOCIATION DES SURVIVANTS DES ENRÔLÉS DE FORCE

Organe officiel:
**«Les Sacrifiés»**

Boîte postale n° 2415
**L-1024 LUXEMBOURG-GARE**

Compte-chèques postales n° 31329-95

3A, rue de la Déportation

16. 12. 1999

Madame Schmit,

Merci fir äre Bréif vum 15. 12. 99. All enrôlé de force gett een wee deen anere behandelt. Wann awer een am Krich net verwonnt oder krank gouw, kann hien keeng Dommages de Guerre Rent kréien. Domadde si dir jo secher d'accord! Wann e Mann keng esou eeng Rent hat kann d' Witfra och keen Deel dovunner kréien.

Nom Dommages de Guerre Gesetz vun 1950 krut all enrôlé 750.- frs fir all 3 Meent wo hien fort war (A Bongen déi no an no ausbezuelt gouwen.) Well des Entschiedegung manner wéi déi vun den KZler an Umgesiedelt war ass nom Gesetz vun 1981 Differenz nobezuelt gin. Och a Bongen. Natierlech hut eng entspriechend Demande misse gemat gin. 2 Joer hat een dofir Zäit.

Wann äre Mann un de Folgen vum Krich gestuerwen ass, hätt ären Dokter dat deemols misse um Dommages de Guerre mellen an dann hätt d' Méiglechkeet bestanen eng Krichsrent ze kréien. Haut ass dat séier schwéier ze beweisen.

Wat déi aktuell Diskussiounen iwwert d'Zwangsarbeiter betrefft kommen eiser Meenung no nemmen d'Meederchen a Fro' déi am KHD zwangsagezunn waren an do hu misse schaffe goen.

Wat mir als Kameroden elo mees ferdeg bruecht hun ass, dass déi Kameradinnen a Kameroden déi an e Flegeheim oder Altersheim goen mussen oder wellen bei prioritär ennerdag kommen an net 2 Joer waarde mussen. Doreemmer freet och dir!

An onsem Bulletin "Les Sacrifiés" No 6 deen Ufangs Januar 2000 eraus kent, fannt dir all Informatiounen. Wann dir net Member vun enger vun onsen Organisatiounen sid kënn dir iech un de President vun der Sectioun Grevenmacher wenden Streng Willy Tel.: 750331 oder un d'Madame Reeff Josée Presidentin vun de Survivants vun der enrôlés de force Tel.: 350014 fir de Bulletin ze kréien oder iech ze abonnéieren.

Mat meenge beschte Gréiss, schéi Feierdeeg an e gud Neit Jor

Jos Weirich

P.S. Dir kënnt iech awer och un d' Mme Altmeisch Jacques Germaine 4 Um Béichel Poimer oder un d' Mme Guebel Déchmar 1 Um Knapp " Sehin un d' Mme Schuller Marcel 22 Haaptstross " an nach ëmmer un der Sectioun Gemeng wenden